COOPERATIONS ASBL
ÉTABLISSEMENT D'UTILITÉ PUBLIQUE

sicht een/eng Mataarbechter/In fir de Beräich

Kommunikatioun (w/m/d)

20 Stonnen / Woch

CDD 1 Joer vun Dezember 2020 – Dezember 2021

Missiounen:

- Dir schreift redaktionell Artikelen iwwer Concerten, Kënschtler, Festivaller, Workshops fir Kanner a Filmveröffentlechungen.
- Äert Schreiwen ass flësseg a lieweg wann Dir an e puer Sätz op verschiddene Facebook- an Instagram-Säiten iwwer Artisten, Vernissagen a Filmreleases bericht.
- Dir kennt Iech gutt mat CMS-Systemer aus: Dir sidd responsabel fir verschidde Websäiten anzespeisen an z'updaten.
- Egal ob Print-, Radio-, Fernsee- oder Onlinejournalisten: Dir këmmert Iech drëms Pressematdeelungen ze verschécken, Campagnen z'initiéieren an Interviewe mat Artisten a Programmdirekteren z'organiséieren.
- Dir sidd verantwortlech fir d'Editioun an d'Verschécke vu verschiddenen Newsletter.
- Egal ob Broschür, Annonce oder Postkaart: konzeptuell a redaktionell garantéiert Dir eng koherent Corporate Identity fir déi eenzel Kulturberäicher vu COOPERATIONS Asbl.

Profil a Kompetenzen:

- Dir hutt exzellent Redaktiounskompetenzen.
- Dir hutt villsäiteg Interessen an de Beräicher Musek, Konscht a Kino.
- Dir hutt fundéiert Sproochkompetenzen a LU / DE / FR & EN.
- Dir hutt Beruffserfarung an de beschriwwene Verantwortungsberäicher.
- Dir sidd eng sozial Persoun, déi gär an engem Team schafft a laacht. Dir schafft ganz onofhängeg, strukturéiert, gewëssenhaft a resultatorientéiert.

Schéckt w.e.g. Äre Curriculum Vitae, Äre Motivatiounsbréif an Är Beispiller vu redaktioneller Aarbecht virum 31. Oktober 2020 per E-Mail (comite@cooperations.lu) un d'Claudine Schank, Presidentin vum Verwaltungsrot vu COOPERATIONS Asbl.